N°1316
Entrée le 25.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung op d'parlamentaresch Fro n°1316 vum 8. Oktober 2024 vum Här Deputéierten Dan Biancalana betreffend d' « ventes de terrains communals sur le marché privé ».**

**Ass de Minister a Kenntnis vu weidere Gemengen, déi hir Terrainen um private Marché verkafe fir Wunnengen ze bauen?**

Op Grond vun der schwiereger Situatioun am Wunnengsbau an den héijen Immobiliepräiser, entscheeden sech verschidde Gemengen dofir Bauplazen ze verkafen fir datt ob dësen Terrainen Wunnengen gebaut kenne ginn. Entspriechend dem Prinzip vun der Gemengenautonomie, steet et dem Gemengerot fräi iwwert de Verkaf vun engem Gemengenterrain ze deliberéieren soulaang dësen Terrain net am domaine public vun der Gemeng läit an d'Immobilientransaktioun engem lokalen oder kommunalen Interessi Rechnung dréit, an dëst gemäss dem Artikel 28 vum ëmgeännerten Gemengegesetz vum 13ten Dezember 1988.

Et ass de Gemengen staark ugeroden éischter d'Méiglechkeet vun enger Emphythéose ze notzen, wéi d'Terrainen um private Marché ze verkafen. Géif de Gemengerot sech awer fir de Verkaf vun engem Gemengenterrain entscheeden, sou gëtt de Gemengen recommandéiert ee Virkafsrecht virzegesinn.

Fir d'Joer 2024, krut den Inneminister am Kader vun der Transmission obligatoire 19 Deliberatiounen iwwert de Verkaf vu Gemengenterrainen erageschéckt. Ënnert deenen 19 Venten, handelt et sech bei 4 Dossieren em de Verkaf vu Bauplazen um private Marché.

**Firwat sinn d'Terrainen net un en ëffentleche Promoteur, ewéi d'SNHBM oder de Fonds du Logement, verkaf ginn? Firwat huet d'SNHBM net de ganze Projet iwwerholl?**

D'SNHBM huet all déi Terrainen iwwerholl déi d'Gemeng Esch-Sauer hir ugebueden huet. D'Gemeng huet der SNHBM net de ganzen Projet ugebueden.

**Falls d'Gemeng net vun hirem Virkafsrecht gebrauch mécht, dierf de Verkeefer vun der Immobilie dës Wunneng dann erëm um private Marché weiderverkafen? Ass d'Regierung der Meenung, dass dat am Sënn vun der ëffentlecher Wunnengsbaustrategie ass?**

Den Artikel 9 vum ëmgeännerten Gesetz vum 7. August 2023 iwer den Logement abordable gesäit d'Reckkafsrecht vun den Promoteurs publics (dat sinn och d'Gemengen) vir ob den Wunnengen an der Vente abordable an an der Vente à coût modéré während der gesamter Laafzäit vun der Emphytéose. En Promoteur public kéinnt sech och duerch en aneren Promoteur public ersetzen loossen, deen dann an senger Plaaz giff d'Reckkafsrecht exercéieren.

Wann eng Gemeng awer decidéiert sech net an den gesetzlechen Kader vum Logement abordable ze setzen, spillen déi Bestëmmungen net an déi initial ëffentlech Bauplazen vun der Gemeng bleiwen der ëffentlecher Wunnengsbaustragie net erhalen. Hei sinn d'Gemengen an hirer Verantwortung.

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2024
De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung,
(s.) Claude Meisch